N°3369
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°3369 vum 19. Dezember 2025 vun der honorabeler Deputéiert Stéphanie Weydert iwwert « Plaques d'immatriculation personnalisées et reprise de véhicules de société ».

D'honorabel Deputéiert stellt Froen iwwert d'Iwwerschreiwung vun den personaliséierten Immatrikulatiounsplacken am Kader vun enger Reprise vun engem Gefier vun enger Gesellschaft.

1. Ass der Madame Ministesch dës Situatioun bekannt?

Jo, et ass dem Ministère bekannt, datt et an der Praxis zu Situatioune komme kann, an deenen eng personaliséiert Immatrikulatiounsplack, déi op eng juristesch Persoun attribuéiert war, no der Opléisung vun där juristescher Persoun net op eng physesch Persoun iwwerdroe ka ginn, och wann dës Persoun virdrun eenzegen Associé war an d'Gefier iwwerhëlt. Dës Konstellatiounen trieden allerdéngs nëmme seelen op. Et ass dobäi ervirzehiewen, datt Plackennummere mat véier Zifferen och scho virun 2023 net iwwerdroe konnte ginn, mee iwwer eng Waardelëscht zougedeelt goufen. D'Ännerungen déi mam Gesetz[1] an dem Règlement grand-ducal[2] vum 21. September 2023 agetruede sinn an déi den Transfert vu personaliséierte Plackennummeren net méi erlaben, hunn un dësem Grondsaz fir véierstelleg Nummeren näischt geännert.

2. Fënnt d'Madame Ministesch déi Situatioun fir ubruecht?

D'Reglementatioun vun den Immatrikulatiounsplacke stellt de Prinzip, datt d'Immatrikulatiounsplack un den Titulaire vum Gefier gebonne bleift. Eng juristesch Persoun an eng physesch Persoun stellen dobäi zwee ënnerschiddlech Rechtssubjekter duer. Dës Differenzéierung déngt der Rechtssécherheet, enger kohärenter Verwaltung vun de Immatrikulatiounsplacken an enger Minimiséierung vu Mëssbrauch, och wann dës Reegelen a vereenzelte Fäll kënnen als streng empfonnt ginn.

3. Wéi ass d'Situatioun bäi Leasing-Autoen déi iwwer enger Persoun hire Patron lafen awer sou den Notzer vum Gefier och eng personaliséiert Immatrikulatiounsplack huet?

An dëse Fäll gëllen déi selwecht Reegele wéi fir all aner Gefierer. Entscheedend ass, wéi eng Persoun als Titulaire um „Certificat d'immatriculation" agedroen ass. Am Fall vu Leasing-Gesellschaften ass et dacks esou, datt de Client final, also den/d'NotzerInn vum Gefier, och als Titulaire vum Certificat ageschriwwe gëtt. Zousätzlech besteet d'Méiglechkeet, eng Immatrikulatiounsplack aus der „série courante" zesumme mam Gefier op en aneren Titulaire z'iwwerdroen. Dës Méiglechkeet gëllt allerdéngs net fir personaliséiert Immatrikulatiounsplacken. Am Endeffekt ass et also déi Persoun, op där hiren Numm d'Gefier ugemellt ass, déi och Titulaire vun der Plackennummer muss sinn, dëst ka souwuel den Employeur wei och d'Leasingsfirma oder de/d'NotzerInn vum Gefier sinn.

---

[1] https://legilux.public.lu/filestore/eli/etat/leg/loi/2023/09/21/a679/jo/fr/pdfa/eli-etat-leg-loi-2023-09-21-a679-jo-fr-pdfa.pdf

[2] https://legilux.public.lu/filestore/eli/etat/leg/rgd/2023/09/21/a681/jo/fr/pdfa/eli-etat-leg-rgd-2023-09-21-a681-jo-fr-pdfa.pdf

4. Firwat gouf just e spezifesche Regime fir Stierffäll geschaf fir personaliséiert Placken z'iwwerschreiwen awer net am Fall vun der Rechtsnofolleg vun enger juristescher Persoun?

De spezifesche Regime am Fall vun engem Stierffall baséiert op Iwwerleeungen am Zesummenhang mat der Successioun un den Ierwen.
An dësem Kontext ass ervirzehiewen, datt d'Immatrikulatiounsplack net als solches Géigestand vun der Successioun ass, mee nëmmen zesumme mam Gefier iwwerdroe ka ginn.

Den/d'IerwInn kann also nëmmen dann de Maintien vun der Plackennummer ufroen, wann hien/sie dat betraffent Gefier effektiv ierft an dëst Gefier mat där Immatrikulatiounsplack op säin Numm umellt.

D'Opléisung vun enger Gesellschaft féiert dogéint net zu enger Successioun am selwechte juristesche Sënn wéi bei engem Stierffall. Aus dem Grond gouf kee vergläichbare Regime fir dëse Fall virgesinn.

5. Ass d'Madame Ministesch gewëllt, d'Gesetzgebung unzepassen, fir et de Leit ze erméiglechen, hiert Nummereschëld och bei Firmenautoen a ggf. bäi Leasing-Autoen ze halen?

Dës Fäll aus der Praxis ginn zur Kenntnis geholl. Zum aktuellen Zäitpunkt ass keng konkret Ännerung vun de reglementareschen Texter virgesinn. D'Thematik kann awer spéiderhin am Kader vun enger méi globaler Iwwerleeung iwwer d'Regime vun de personaliséierte Immatrikulatiounsplacken weider analyséiert ginn.

Lëtzebuerg, den 14. Januar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes